Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4931

Mesures de protection et indemnisations dans le cadre de la lutte contre Xylella fastidiosa

Déposée par: *Bernard Djuna*
Adressée à: *Hansen Martine, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*
Déclarée recevable le: *15.10.2026*
Date limite de réponse: *14.11.2026*

Rezent huet de Landwirtschaftsministère matgedeelt, datt d'Bakterie Xylella fastidiosa op dräi Plazen an de Wéngerten zu Mäertert a Gréiwemaacher nogewise gouf. Fir eng weider Verbreedung ze verhënneren goufe Spärzonen ageriicht, an deenen infizéiert Planzen, mee och bestëmmte Planzen ouni Symptomer, mussen erausgerappt an zerstéiert ginn. An de betraffene Gebidder gëllen ausserdeem Restriktioune beim Transport vu Planzen a Mesure géint Insekten, déi d'Bakterie iwwerdroe kënnen.

D'Bakterie kann nieft de Wäiriewen och vill aner Planzenaarte befalen, dorënner Zierplanzen, Straich a Beem. D'Mesure betreffen deemno net nëmmen de Wäibau, mee potenziell och Privatleit, Gemengen an aner Betriber.

An hirem Communiqué rifft d'Regierung déi betraffe Persounen dozou op, verdächteg Planzen ze mellen an déi virgeschriwwe Restriktiounen anzehalen.

An deem Kontext wollt ech follgend Froe stellen:

1. Wéi gëtt de Monitoring vun der Bakterie an de betraffene Gebidder organiséiert? Wéi eng Planzenaarte ginn dobäi ënnersicht a wéi gëtt séchergestallt, datt och méiglech Infektiounen ausserhalb vun de Wéngerten entdeckt ginn?

2. Iwwert den offizielle Communiqué eraus, wéi ginn d'Wënzer.innen, d'Awunner.innen, d'Gemengen an d‘Betriber proaktiv iwwer d'Symptomer vun der Bakterie an déi néideg Precautiounen informéiert? Ginn et och geziilt Informatiouns- a Sensibiliséierungsmesuren,

notamment fir Privatleit, Gäertnereien a Betriber, déi mat Planze schaffen? Wa jo, wéi eng?

3. Wéi gëtt d'Entschiedegung fir déi betraffe Wënzer.innen berechent? Gëtt dobäi just de Wäert vun den zerstéierte Riefstäck berücksichtegt, oder och den Akommesverloscht an de Joren duerno, an deenen nei ugeplanzte Riefstäck nach net, respektiv nach net voll droen?

4. Sinn och Entschiedegunge fir aner Planzen a Beem wéi Wäiriewe virgesinn, déi am Kader vun de sanitäre Mesure mussen zerstéiert ginn? Kënne souwuel Wënzer.innen, Privatleit, aner Betriber wéi och Gemenge vun Entschiedegunge profitéieren? Wéi héich sinn d'Entschiedegungen an dëse Fäll?

5. Ginn am Liicht vun dësem Virfall an den Erfarungen aus aneren europäesche Länner zousätzlech Preventiounsmesuren envisagéiert, besonnesch wat d'Kontroll an d'Traçabilitéit vun importéierte Planzen ugeet?

6. Wéi eng Insektiziden a Wierkstoffer ginn am Kader vun der Bekämpfung vun den Insekten agesat, déi d'Bakterie verbreeden? Wéi ginn dobäi d'Auswierkungen op aner Insekten, d'Biodiversitéit an d'Gewässer limitéiert?

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4931 vum 15. Oktober 2026 vun der éierewäerten Deputéiert Djuna Bernard

1. Wéi gëtt de Monitoring vun der Bakterie an de betraffene Gebidder organiséiert? Wéi eng Planzenaarte ginn dobäi ënnersicht a wéi gëtt séchergestallt, datt och méiglech Infektiounen ausserhalb vun de Wéngerten entdeckt ginn?

D'Verwaltung fir technesch Servicer vun der Landwirtschaft (ASTA) an de Wäibauinstitut (IVV) organiséieren d'Iwwerwaachung duerch Prouwen a Laboranalysen. An de Befall- a Pufferzone ginn ënner anerem Riewen, Hecken, Beem a Planzen a Privatgäert kontrolléiert. Zu de relevante Wiertplanze gehéieren och Figebeem, Nëssert, Hammbieren, Steenuebst, Oleander a Rosmarin. D'Prouwe ginn net op d'Wéngerte limitéiert. Donieft gëtt de järleche Monitoring no Artikel 2 vum Duerchféierungsreglement (EU) 2020/1201 weidergefouert.

2. Iwwert den offizielle Communiqué eraus, wéi ginn d'Wënzer.innen, Awunner.innen, d'Gemengen an d'Betriber proaktiv iwwer d'Symptomer vun der Bakterie an déi néideg Précautiounen informéiert? Ginn et och geziilt Informatiouns- a Sensibiliséierungsmesuren, notamment fir Privatleit, Gäertnereien a Betriber, déi mat Planze schaffen? Wa jo, wéi eng?

Déi direkt betraffe Wënzer a Privatleit goufe vun der ASTA an dem IVV informéiert. Eng Informatioun un d'Wäibaubetriber gouf verschéckt. De 26. Oktober 2026 gouf am Centre culturel Machera zu Gréiwemaacher eng ëffentlech Informatiounsversammlung fir d'Bevëlkerung organiséiert. D'Autoritéite schaffen dobäi mat de Gemengen zesummen. Weider Informatiounsversammlunge speziell fir d'Wënzer si geplangt. D'Bevëlkerung an d'Betriber goufen opgefuerdert, verdächteg Planzen ze mellen an d'Transportrestriktiounen anzehalen.

D'Bakterie selwer kann nëmmen duerch d'Rodung vun de betraffene Planze bekämpft ginn. D'Rodung gëtt no den Dispositioune vum Duerchféierungsreglement (EU) 2020/1201 duerchgefouert.

An den **Infektiounszonen**, an deenen insgesamt ronn een Hektar Wéngert gerodet gouf, mussen och Riewen ouni Symptomer an aner Wirtspflanzen ewechgeholl ginn. D'Insekten, déi d'Bakterie iwwerdroe kënnen, ginn och an de Wéngerten an den Infektiounszonen bekämpft.

An de **Pufferzon** vun 2,5 Kilometer ronderemer Infektiounszon gi momentan dräi Mesuren ëmgesat:

- d'Iwwerwaachung vun de Wirtspflanzen duerch Probenahmen no engem festgeluechte Raster mat Analysen,
- d'Verbuet, Wirtspflanzen oder Deeler dovun aus de Pufferzonen erauszebréngen,
- Informatiounsversammlunge fir déi breet Ëffentlechkeet an d'Wënzer.

Nieft dëse Mesurë leeft de järleche staatleche Monitoring weider. Fir 2026 goufen dobäi 140 Prouwen op der Lëtzebuerger Musel geholl.

3. Wéi gëtt d'Entschiedegung fir déi betraffe Wënzer.innen berechent? Gëtt dobäi just de Wäert vun den zerstéierte Riefstäck berücksichtegt, och och den Akommesverloscht an de Joren duerno, an deenen nei ugeplanzte Riefstäck nach net, respektiv nach net voll droen?

Déi betraffe Wënzer gi fir d'Schied duerch déi virgeschriwwe phytosanitär Mesuren entschiedegt. D'Detailer vun de Modalitéite fir d'Berechnung vun den Entschiedegungen si nach net festgeluecht.

4. Sinn och Entschiedegunge fir aner Planzen a Beem wéi Wäiriewe virgesinn, déi am Kader vun de sanitäre Mesure mussen zerstéiert ginn? Kënne souwuel Wënzer.innen, Privatleit, aner Betriber wéi och Gemenge vun Entschiedegunge profitéiren? Wéi héich sinn d'Entschiedegungen an dëse Fäll?

D'Detailer vun de Modalitéite fir d'Berechnung vun den Entschiedegungen si nach net festgeluecht. Dat betrëfft och d'Fro vun Entschiedegunge fir aner Planzen a Beem, déi betraffe Persounekategorien an d'Héicht vun den Entschiedegungen.

5. Ginn am Liicht vun dësem Virfall an den Erfarungen aus aneren europäesche Länner zousätzlech Preventiounsmesure envisagéiert, besonnesch wat d'Kontroll an d'Traçabilitéit vun importéierte Planzen ugeet?

Am phytosanitäre Beräich schwätzt ee vun Import wa Planzen aus Drëttlänner an d'EU erakommen. D'Kontroll vun esou importéierte Planze gehéiert zu de reguläre phytosanitäre Kontrollmesuren; zu Lëtzebuerg ginn esou Kontrolle virun allem um Cargozenter duerchgefouert.

6. Wéi eng Insektiziden a Wierkstoffer ginn am Kader vun der Bekämpfung vun den Insekten agesat, déi d'Bakterie verbreeden? Wéi ginn dobäi d'Auswierkungen op aner Insekten, Biodiversitéit an d'Gewässer limitéiert?

An de Pufferzone besteet no der aktueller Aschätzung am Hierscht a Wanter keng direkt Drénglechkeet fir en Insektizidasaz, well d'Iwwerdroungsinsekten zu dëser Joreszäit kaum aktiv sinn. Fir d'Fréijoer ginn och mechanesch Mesurë wéi Buedembeaarbechtung a Méie virgesinn. Den Artikel 8 vum Duerchféierungsreglement (EU) 2020/1201 erlaabt ugepasste cheemesch, biologesch oder mechanesch Mesuren. An de Wanterméint gëtt eng Bekämpfungsstrategie fir d'Wéngerten an der Pufferzon ausgeschafft wou festgehale gëtt wat fir Moossname wéini sollen agesat ginn.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau